3 Froen un d'politesch Parteie vu Lëtzebuerg

Wéi grouss ass de politesche Wëlle vun ärer Partei d'Recommandatiounen aus dem *Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg* esou wéi aus dem PNSM ëmzesetzen, esou dass eng multidisziplinär Gesondheetsversuergung duerch d'Unerkennung vun de kënschtlereschen Therapieforme gestäerkt a garantéiert ka ginn?

Ze laang ass d'Santé mentale vun der Politik net wichteg genuch geholl ginn. Si krut domat och net de Stellewäert an eiser Gesellschaft, deen si eigentlech hätt missen anhuelen. Dëst huet sech réischt mat der Covid-19 Pandemie geännert. Et gëtt bis elo zwar vill geschwat, wéi wichteg d'Santé mentale ass, geschitt ass a verschiddenen Domainer awer wéineg. Hei muss dringend nogebessert ginn. Fir d'Piraten ass et wichteg, dass an de Gesondheetsberuffer vill Wäert op eng gutt Ausbildung, Qualifikatioun a Weiderbildung geluecht gëtt. Dëst gëllt natierlech och fir Beruffer am Beräich vun der Santé mentale. Hei huet een et dacks mat ganz vulnerabele Mënschen ze dinn. Do muss d'Qualifikatioun vum Personal entspriechend gutt sinn. Dass dëst awer leider net ëmmer de Fall ass hu mir duerch eng parlamentaresch Fro misste feststellen, wou et ëm Infirmieren an Infirmièrë psychiatrique goung. Hei goufe Leit mat engem Diplom aus der Belsch agestallt, dee just aus enger theoretescher Ausbildung vun 150 Stonne besteet, wärend et hei am Land ee BTS vun 2 Joer Vollzäitstudium ass. Dat dierf net sinn. Mir stinn dowéinst enger Reglementatioun vum Beruff vum Therapeut à médiation artistique ganz positiv géigeniwwer. Et ginn nieft dësem Beruff nach aner Beruffer, déi mir endlech reglementéiere wëllen, zum Beispill de Beruff vum Psycholog. Et soll just Persoune mat enger entspriechend héichwäerteger Ausbildung méiglech sinn, an deem Domän ze schaffen, fir esou déi bescht méiglech Qualitéit vum Traitement fir d'Patient:innen ze garantéieren. Wichteg ass awer och, dass et net nach jorelaang schleefe gelooss gëtt an et duerch ze vill Analysen zu onnéidege Verzögerunge kënnt. De Beruff ass schonn an enger Rei Länner reglementéiert, soudass een sech do u verschiddene Modeller orientéiere kann an zesumme mat den Acteure vum Terrain no der beschtméiglecher Reglementatioun ka sichen.

A wat fir enger Form géif är Partei d' Punkten 10.4 aus dem *Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg*" an d'Mesure 3.1.1 aus dem *Plan National de Santé Mentale* ëmsëtzen?

De Beruff vum Therapeut à médiation artistique soll beispillsweis wéi och de Beruff vum Psycholog an d'Lëscht vun de Gesondheetsberuffer opgeholl ginn an déi verschidde professionnel Attributioune festgeluecht ginn. Heizou gehéiert och, den Niveau vun den Diplomer, déi eng Persoun muss hunn fir an engem vun dëse Beruff schaffen ze kënnen, fest ze leeën. Hei kann een sech zum Beispill och um Ausland, wou dës Beruffer dacks scho reglementéiert sinn, orientéieren.

Gedenkt är Partei d'kënschtleresch Therapien an der *nomenclature des professions de la santé* vun der CNS ophuelen ze loosen an esou dëss Therapieform Klienten/Patienten aus alle sozio-ekonomëschen Ëmfelder accessibel ze maachen?

De Piraten ass et wichteg, dass de sozio-ekonomesche Background bei den Traitementer keng Roll spillt. All Patient:in soll eng qualitativ héichwäerteg Behandlung kréien, och wann en/si

ee méi niddregt Akommes huet. Trotzdeem gesi mir et als ganz schwéier un, fir kënschtleresch Therapien an d'Nomenclature opzehuelen. An deene leschte Jore goufen et bei der CNS grouss Defiziter, dëst war natierlech och zum Deel duercht Pandemie bedéngt. De budgetäre Kader ass am Moment also zum Deel méi schwiereg. Gläichzäiteg ginn et fir eis bei der Nomenclature am Moment awer nach aner méi wichteg Punkten, wou Traitementer mussen opgeholl ginn oder d'Montante mussen ugepasst ginn, zum Beispill bei den Zänn. Aus dëse Grënn läit d'Prioritéit vun de Piraten aktuell bei aneren Traitementer.